

Léif Membere vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP,  
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

De Contenu vun dësem Communiqué betrëfft **exklusiv** déi Professer, Formateurs d'adultes, Direkteren an Adjointen, op déi **gläichzäiteg** déi dräi folgend Aussoen zoutreffen:

- 1. Dir hutt Äre Stage pédagogique virum 1. Oktober 2015 ofgeschloss. ✓**
- 2. Dir krut nom Stage eng éischt Nominatioun als Candidat. ✓**
- 3. Dir krut tëscht November 2003 a September 2015 Är Nominatioun als Professer respektiv als Formateur d'adultes. ✓**

Wéi Dir sécherlech wësst, kritt all Professer, Formateur d'adultes, Direkter an Adjoint 10 Joer no senger éischter Nominatioun e sougenannten "Double échelon supplémentaire", wat bedeit, dass een ab deem Moment 30 Punkten (Points indiciaires / p.i.) pro Mount an der Pai bäikritt, onofhängeg vun deenen normale Biennalen. Donieft kréien d'Professer an d'Formateurs d'adultes 15 Joer no hirer éischter Nominatioun eng monatlech Prime vu 6 Punkten.

Bis ewell gouf fir d'Applizéiere vun dëse karriärspezifischen Avancementer als Referenz den Datum vun der Nominatioun als Professer respektiv als Formateur d'adultes betruecht, an net den Datum vun der éischter Nominatioun, déi een direkt no sengem gepackte Fonctionnaire-Stage krut, also déi als Candidat.

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP koom scho virun e puer Joer no enger grëndlecher Analys zur Conclusioun, dass dëse Modus operandi säit dem Akraafriede vum "neien" Traitementsgesetz - den 1. Oktober 2015 - keng Dosinnsberechtigung méi huet **fir déi Enseignanten, déi virun dësem Stéichdatum schon hir definitiv Nominatioun als Professer respektiv Formateur d'adultes haten.**

Well mir der Iwwerzeegung waren an ëmmer nach sinn, dass d'Karriär vun deene besoten Enseignanten mat hirer Nominatioun als **Candidat** ufänkt, an net mat hirer definitiver Nominatioun als Professer respektiv als Formateur d'adultes, huet ee vun eise Comitésmemberen Enn 2020 eng Rekonstitutioun vu senger Karriär beim Ressortminister op Basis vun engem détailléierten Argumentaire ugefrot. Dës Demande gouf wéineg iwwerraschend vum zoustännege Minister vun der Fonction publique zeréckgewisen.

En vue vum grouse finanziellen Impakt, deen eng méiglech Rekonstitutioun vun der Karriär op Basis vun der Nominatioun als Candidat fir ganz vill vun eise Memberen hätt, huet dee besote Comitésmember a sengem Numm den 8. Abrëll 2021 Recours beim Tribunal administratif géint d'Decisioun vum Minister ageluecht. De 17. Oktober 2023, also ronn 2,5 Joer méi spéit, huet den Tribunal administratif d'Urteel gesprach:

**De Kläger, eise Comitésmember, krut op ganzer Linn Recht! De CGPO muss seng Karriär nei berechnen, an zwar op Basis vu senger Nominatioun als Candidat, an net ewéi bis ewell, op Basis vu senger definitivter Nominatioun als Professor!**

D'Geriichtsurteel mam kompletten Argumentaire fannt Dir ënnert deem folgende Link:

**[Urteel Nr. 45866](#)**

**Ewéi bei all Geriichtsurteel vum Tribunal administratif huet d'Géigepartei - an dësem Fall also de Staat - 40 Deeg Zäit, fir bei der Cour administrative "en appel" ze goen. Am Fall vun engem Appel géif et mindestens 5 Méint daueren, bis d'Urteel rechtskräfteg gëtt, ënnert der Voraussetzung, dass d'Cour administrative et net annulléiert.**

Falls dëst Urteel bestoe bleift, hätt dëst als **Präzedenzfall** deelweis grouss (positiv) finanziell Auswierkunge fir déi Kolleginnen a Kollegen, déi déi dräi uewe beschriwwe Konditiounen erfëllen. **Heizou sief bemierkt, dass et ganz grouss Ënnerscheeder gi jee no Parcours (z.B. wéi laang et gedauert huet, bis ee säin TC ofginn huet). All Fall ass individuell ze bewäerten.**

Dat folgend **Beispill** soll d'Auswierkunge vum Urteel illustréieren:

*Datum vun der Nominatioun als Candidat : 1. Februar 2009*

*Datum vun der Nominatioun als Professor : 1. August 2010*

	Aktuell Situatioun	Auswierkunge vum Uerteel
Double échelon supplémentaire (30 p.i. / Mount)	ab August 2020	ab Februar 2019
Prime 15 Joer no der Nominatioun (6 p.i. / Mount)	ab August 2025	ab Februar 2024

*Unhand vun dësem fiktive Beispill erkennt een, dass dee betraffene Professor säin Double échelon supplémentaire schonn am Februar 2019 hätt misste kréien, amplaz am August 2020. Dëse Professor géif deemno e Recalcul vu senger Pai tëscht Februar 2019 an August 2020 kréien, also vun insgesamt 19 Méint*

*(Allocation de fin d'année abegraff) à jeeeweils 30 Punkten. Am Total géif dat e Recalcul vu 570 Punkten ausmaachen, also ronn 11.000 € brutto. Donieft géif dëse Professor déi besote Prime vu 6 Punkte pro Mount net eréischt am August 2025 kréien, mee schon am Februar 2024.*

Am Urteel weist d'Geriicht drop hin, dass den Artikel 2277 vum Code civil virschreift, dass e Recalcul vun der Pai, esouwuel an der Faveur, ewéi och zum Nodeel vum Agent, **just 5 Joer réckwierkend** kann applizéiert ginn. Als Stéchdatum, ab deem déi besote 5-Jores-Period retroaktiv betruecht gëtt, gëllt den **Datum vun der Demande**, déi den Agent un den zoustännege Minister schéckt.

Déi Enseignanten, déi virun November 2008 hir éischt Nominatioun als Candidat kruten, verléiere pro Mount, deen ab elo vergeet, d'Urecht op e retroaktive Recalcul vun 30 Punkten respektiv op déi Prime vu 6 Punkten, **wann si net elo direkt eng Demande de recalcul vun hirem Traitement un de Minister schécken.**

**Als Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP rode mir iech elo Folgendes:**

- **Déi Enseignanten, déi viru Januar 2010 (dësen Datum ass esou gewielt, dass während dem Zäitraum vun engem méiglechen Appel eng Chance erhale bleift, dass kee weidere finanzielle Schued entsteet) hir Nominatioun als Candidat kruten, sollen esou séier ewéi méiglech dee folgende Formulaire de demande ausfüllen, ënnerschreiwen a *par voie hiérarchique*, also iwwert d'Direktioun, un den Educatiounsminister schécken:**

**[LINK zur Demande](#)**

Den Educatiounsminister als eise Ressortminister wäert d'Demande da weiderleeden un den zoustännege Minister vun der Fonction publique.

Déi Leit, déi dës Demande areechen, géife mir bidden, zousätzlech dee folgende Formulaire auszufüllen: **FORMS**. Dëst erlaabt eis een Iwwerbléck ze kréien iwwert d'Unzuel u betraffene Leit an erméiglecht eis spéiderhin e méi geziilten Informatiounsaustausch en vue vun eventuelle weideren Etappen. Selbstverständlech wäerte mir Är Donnéeën exklusiv an dësem Kontext notzen. Obwuel mir als Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP alles wäerten dru setzen, dass deene betraffenen Enseignantë während der (eventueller) Waardezäit op d'Urteel an zweeter Instanz kee finanzielle Schued entsteet, kënne mir opgrond vun der Komplexitéit vun de Prozedure leider net garantéieren, dass dat wäert geléngen.

- **Déi Enseignanten, déi no Januar 2010 hir Nominatioun als Candidat kruten, kënnen roueg d'Resultat vum eventuellen Appel bei der Cour administrative ofwaarden a brauchen elo nach net aktiv ze ginn. Fir si entsteet bis dohin nach kee finanzielle Schued, deen net méi retroaktiv ze behiewe wär.**

Als Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP hale mir lech selbstverständlech um Lafenden an dësem immens spannenden Dossier, dee potenziell eng enorm Envergure huet.

Mir si gudder Déng, dass am Fall vun engem Appel d'Urteil och an zweeter Instanz bestoe bleift. **Well d'Saach awer nach net an dréchenen Dicher ass, heescht et weiderhin "Daumen drécken"...**

Mat eise beschte Gréiss,

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP

*Lëtzebuerg, de 26. Oktober 2023*